**Le caractère urgent de la question a été reconnu (11.12.2020)**

n° 3286

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2020

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës urgent parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Chamberssëtzung vum 10. Dezember 2020 huet den Educatiounsminister annoncéiert d'Grondschoulen, d'Lycéeën an d'Kompetenzzentren ab Januar mat engen 12.000 $CO_2$-Detekteren ze equipéieren. Esou kann d'Personal einfach feststellen, wéini geléft muss ginn. Mat där Moossnam soll d'Iwwerdroe vum Covid-19 an eise Strukture besser kënne verhënnert ginn.

An deem Zesummenhang wollte mir dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Sinn esou Apparater och an de Services d'éducation et d'accueil (SEA) virgesinn?
  Wann nee, firwat soll d'Loftqualitéit hei net gepréift kënne ginn?
- Wéi vill Detekteren géifen an eise Crèchen, Maisons relaisen an änleche Strukture gebraucht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz

Francine Closener

LSAP

Deputéiert

Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3286 vun den honorabelen Deputéierten Simone Asselborn-Bintz a Francine Closener**

Wéi déi honorabel Députéierte wëssen ass de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend fir de ganze Bildungsberäich zoustänneg, deemno och fir déi non-formal Bildung. Et ass deemno selbstverständlech datt d'Maisons relais an déi konventionéiert Strukturen (SEA) och wäerten vun esou Apparater fir d'Loftqualitéit ze moossen profitéieren kënnen.

Wéi déi honorabel Députéierte och wëssen ënnerläit de non-formale Bildungsberäich engem anere Fonctionnement wéi déi formal Bildung an deemno ass de Finanzement vun dësen Aktivitéieten och anescht organiséiert.

Am Géigesaz zu der Schoul, wou d'Aktivitéit dem Staat selwer ënnersteet, leeft d'Aktivitéit am non-formale Bildungsberäich ënnert der Responsabilitéit vun engem externe Bedreiwer. D'Fraisen vun den Apparater fir d'Loftqualitéit am non-formale Bildungsberäich ze moossen ginn iwwert d'Konventioun mam Staat ofgedeckt. Eng Kommunikatioun dozou geet nach dës Woch eraus.

Laut enger graffer Aschätzung bräicht een eng 12.000 Detektere fir all Raum, deen de Kanner am SEA (Crèche, Maison relais, Foyer scolaire, etc.) zur Verfügung steet, kënnen ofzedecken.